N° 3504
Entrée le 17.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3504 vum 22. Januar 2026 vun der honorabeler Deputéierte Madamm Nathalie Morgenthaler.

*- Wéi vill Associatiounen, déi am Beräich vun der Sozialpediatrie aktiv sinn, hunn eng Konventioun mam Staat?*

*- Mat wat fir engem Betrag ginn déi eenzel Associatiounen ënnerstëtzt?*

*- Wéi vill Posten, mat wat fir engem Profil, ginn an deem Beräich subventionéiert?*

*- Wat sinn déi exakt Missiounen, déi an der Konventioun festgehale sinn?*

*- Wéi ginn d'Associatiounen kontrolléiert?*

Fir d'Joer 2026 finanzéiert de Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet insgesamt 21.96 MEUR fir Personal- a Fonctionnementskäschten iwwert Konventioune mat 8 Strukturen, déi am Beräich vun der Sozialpediatrie aktiv sinn, mat follgender Opdeelung:

| Struktur | Betrag | Missiounen an der Konventioun |
|---|---|---|
| Ligue luxembourgeoise de prévention et d'action médico-sociales | 5,850 MEUR | • Sozio-therapeutesch Consultatiounen a Behandlungen<br>• Organisatioun an Duerchféierung vun der Schoulmedezin an Aktioune fir d'Gesondheetsförderung an -Erzéiung |
| Rééducation précoce – Hëllef fir de Puppelchen | 5,595 MEUR | • Fonctionnement vu 5 pediatreschen Interventiounszentre fir Detektioun vu Stéierungen a rééducativ Betreiung vun Neigebuerenen a Klengkanner, systematesche Suivi vu fréiere Prematurés'en, Observatiounen, standardiséiert psycho-entwécklungsbezunne Bilanen, paramedizinesch Rééducatiounen an d'Begleedung vun de Familljen |
| Association luxembourgeoise de pédiatrie sociale (ALUPSE) | 2,630 MEUR | • Primär Präventioun vu Bindungsstéierungen<br>• Betreiung vu Kanner a Jugendlechen, déi Affer vu Gewalt, Mëssbrauch oder Vernoléissegung goufen |

| | | |
|---|---|---|
| | | • Begleedung vu Jugendleche mat onadaptéiertem sexuelle Verhalen an/oder Gewaltverhalen |
| Centre Hospitalier de Luxembourg | 4,128 MEUR | • Nationale Service fir Kanner- a Jugendpsychiatrie, inklusiv fréi Autismus-Diagnos<br>• Transgenderambulanz<br>• Nationale Service fir Evaluation a fonctionnel Reeducatioun |
| Hôpitaux Robert Schuman | 1,134 MEUR | • Sozio-therapeutesch Ënnerstëtzung an der interner Schoul vum nationale Service fir Jugendpsychiatrie<br>• Ambulant an intensiven Interventiounen an der Jugendpsychiatrie: "AKTIon - Ambulantes Kompetenz Team zur schnellen Intervention "on-demand" |
| Centre Hospitalier Neuro-Psychiatrique | 1,009 MEUR | • Therapeutesch Behandlunge fir ofhängeg Elteren, inklusiv schwanger Fraen |
| Fondation Kriibskrank Kanner | 0,992 MEUR | • Begleedung vu Famillje vu Kanner mat Kriibs |
| Stëmm vun der Strooss (Kanner-Stëmm) | 0,622 MEUR | • Sozialpediatrie |

Iwwert dës Konventioune finanzéiert de Ministère am Ganze ronn 137 Vollzäitäquivalenter (ETP), déi follgendermoossen opgedeelt sinn:

- Sozialaarbechter (Assistant social): 23 ETP
- Infirmieren: 18 ETP
- Psychologen: 18 ETP
- Dokteren: 15 ETP
- Anert Gesondheetspersonal (Kinesitherapeuten, Ergotherapeuten, Logopeden, Orthophonisten, Sportstherapeuten): 30ETP
- Erzéier : 4 ETP
- Administrativt Personal: 29 ETP

All konventionéiert Strukturen hunn en Agrement an ënnerleie reegelméissege Kontrollen.

Déi technesch a fachlech Aspekter ginn duerch d'Gesondheetsdirektioun am Kader vu Visitten op der Plaz iwwerpréift.

Déi finanziell a reglementaresch Aspekter ginn duerch Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet op Basis vun Aktivitéitsberichter, Decompten a Comptabilitéitsdokumenter kontrolléiert.

Lëtzebuerg, den 17. Februar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez